Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 20. Mäerz 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Degano** | **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores exc.** | **Alain Blasen** |
| **Steve Blasen** | **Chris Fuchs** | **Patrick Molitor** | **Mandy Parracho** |

## 1. WM-Herne

No eisem Bréif vum 6. Mäerz un d'NBS koum et beim World-Cup zu Langenfeld zu verschiddene Gespréicher mat de Verantwortlechen vun der NBS.

An engem éischte Gespréich huet d'Sportskommissioun vun der NBS (Johnny Deliège, Jo Volders a Marco Baur) gefrot, wat eist geneet Uleiess wier, well si hätten de Bréif net ganz verstanen. Ech hunn hinnen doropshinn de ganzen Historik vun den Diskussiounen nach eng Kéier erklärt, ugefange mat der NBS-Konferenz vum September 2022 zu Eygelshoven, wou festgehale gouf, dass Däitschland a Lëtzebuerg zesumme mat der NBS-Jugend sollt e Virschlag fir e Spillmodus fir d'Jugend-WM vum August 2023 zu Düsseldorf ausschaffen. Nodeems näischt geschitt ass, hat ech e Virschlag am Numm vun der FLQ eraginn, den och gréisstendeels emgesat gouf. Ech hat deemols virgesinn, dass d'Finallen ausschliesslech nom Keelentotal solle gewäert ginn, fir eventuellt Taktéieren ze vermeiden. Dëst gouf awer net mat iwwerholl. Ech hat mech och beim NBS-Presidium beschwéiert, well sech net un dat gehale gouf, war zu Eygelshoven ofgemeet gi woar. Als Äntwërt gouf eis do gesot, dass no der Jugend-WM vun Düsseldorf géif diskutéiert ginn. Leider gouf och dëst Verspriechen net agehalen. Dofir fuerdert d'FLQ elo eng breet Diskussioun mat alle Memberslänner iwwer de Spillmodus an, nodeems d'Länner Zäit haten fir sech mat hiren Aktiven ofzeschwätzen, eng demokratesch Ofstëmmung. D'Sportskommissioun vun der NBS sot, si kéint mat denen Fuerderunge liewen an d'Diskussioune sollen dann zu Herne stattfannen. Ech hunn hinnen och nach eng Kéier eis Argumentatioun, di schons an eisem Bréif duergeluecht gouf, erklärt an wirwat mär keng **provisoresch** Umeldung fir 80 Klatzen erageschéckt hunn. D'Sportskommissioun sot, di definitiv Meldung hätt missten virun Mëtt Februar arakommen. Esou eng E-Mail hunn awer weder ech nach de Büro vun der FLQ kritt. Et geséich also aus ewéi wann do eppes schief gelaf wier. Och wier et net normal, dass di 80-Klatzen-Eenzel mat den Zoudeelungen fir de Sprint verbonne wier. D'Sportkommissioun sot, si géifen nokucken, wat schief gelaf wier an dann op eis zréckkommen. Allgemeng woar an dëser Entrevue ze mierken, dass d'Sportskommissioun wierklech beméit woar, fir eng Léisung ze fannen.

Partenaires de la F.L.Q.
LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Kuerz no döser Entrevue sinn ech vum NBS-Presidium (Michael Teschner a Bernd Bock) gerruff ginn. De President weisst mär déi E-Mail, di mär kritt hunn mat den Zoudeelungen a seet soss wier et keng E-Mail ginn. Op meng Nofro hinn, wou dann di definitiv Meldung gefrot gi wier, sot hién, dass dat schons 3 Weltmeeschterschaften esou géif gehandhabt ginn an och Lëtzebuerg ëmmer esou gemellt hätt. Op meng Remarque, dass bis elo ëmmer eis provisoresch mat der definitiver Meldung gläich gewiecht wieren, dës Kéier awer net, hién, ech géif also behapten, dass all di aner Länner falsch gemellt hätten. Ech sot him hién hätt näischt verstanen, well esou lang wéi sech näischt vis-à-vis vun der provisorescher Meldung géif änneren, bréicht jo keng Bestägegung eranzeschécken. De Michael Teschner huet mär d'Visioun vum Presidium erklärt. Wan een eise Sport wéilt virubrénge, misst een an de Fernseh kommen. Dofir wieren eis Kompetitiounen an der aktueller Form awer ze lang an ze langweileg. Ech hunn him geäntwërt, dass een eise Sport sécher net wieder bréngt, wann een Spilleweisen entwéckelt, déi di Aktiv net matdroen. Domat woar d'Diskussioun eriwwer. D'Sportskommissioun misst eng Entscheedung treffen, esou seng Ausso.
An enger weiderer Entrevue mat der Sportskommissioun kruten de Berto an ech de Virschlag, vu dass Lëtzebuerg en „Urgestein" am Keelsport wier, mär sollten mat enger Damm an 2 Hären um 80-Klatzen-Eenzel deelhuelen. Et wier elo schwéier fir alles nei ze organiséieren, mee dëst géif esou ouni Weideres goen. D'Sportskommissioun wier frou, wa mär dëse Virschlag géifen unhuelen. An der Hoffnung, dass d'Verspiechen dës Kéier agehale ginn, (wat d'Sportskommissioun héich an hëlleg versprach huet), als Zeeche vum gudde Wëllen a fir net als Sturbëck dozestoen, hu mär hire Virschlag ugeholl.
Wéi gesäit et an den anere Länner aus?

- Brasilien ass fir 120 Klatzen
- Frankräich ass fir 120 Klatzen
- Belsch ass fir 120 Klatzen
- Däitschland ass fir d'Bäibehalen vun den 2 Disziplinnen. Wann awer sech tëschend 80 an 120 Klatzen misst entscheed ginn, wiere si fir 120 Klatzen.

Mär mussen eis awer bewosst sinn, dass dëst onverbindlich Aussoe sinn, an och, dass domat de Problem vum Punktesystem nach net geléist ass.

Eis Coachen sinn der Meenung, dass e 6. Spiller soll matgoen. Vu dass dëst en zousätzleche Keschtepunkt ass, muss dës Entscheedung am CA geholl ginn. De Pascal Lauer, als éischte Reserve, geet de 6. Abrëll mat op den Training op Herne.

D'Fro stellt sech, op mär e Kiné mathuelen. Dëst ass eng Fro fir an den CA, well dat jo och bei der Senioren-WM a bei der Jugend-WM en Thema ass.

**2. World-Cup Langenfeld: Fazit**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

| | |
|---|---|
| Sportlech Resultater: | Joker 86: 4. Plaz |
| | Amicale 98: 7. Plaz |
| | KSC Bourscheid: 5. Plaz |
| | Honnerter-Perf.: 7. Plaz |

Mär invitéieren Vertrieder vun de Veräiner an di next TKS-Sitzung, fir hir Meenung ze héieren.

Nieft de selweschter Problematik mam Punktesystem wéi bei de Weltmeeschterschaften fällt awer och op, dass dat Ganzt oniwwersiichtlech an domat och völleg oninterssant fir Zuschauer ass. Esouguer di Aktiv woussten net, wou se dru woaren.

Den nexten World-Cup ass zu Sao Paulo.

## 3. Internationale Senioreverglàich

Et misst en Organisatiounsteam zesummegestallt ginn.

Mär spille mat enger Dammenekipp, eng Hären A an 2 Hären B.

## 4. Ekippechampionnat

De Steve ass net do. Et sinn nach ëmmer keng Statistiken um Site.

## 5. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften 2023-2024

Alles leeft ewéi et soll.

## 6. LN-Cup

Alles leeft ewéi et soll

## 7. Verschiddenes

### a. International Mätcher:

De Marco Baur muss kontaktéiert ginn, fir en eventuelle Mätch de 27. Abrëll zu Péiteng.

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

*Nodeems ech eise ganze Agenda fir di next Méint duerchgekuckt hunn, schloen ech fir dëse Mätch zu engem spéideren Datum ze organiséieren.*

**b. Info Laurent Kneip**

De Laurent Kneip kritt, nodeems en elo schons a Congé ass, d’Pensioun. Den CA huet säin Averständnis ginn, fir hién an d’TKS ze kooptéieren. Ab wann hién elo disponibel ass, steet awer nach net fest.

**Next Sitzung ass den 23. Abrëll um 17:30 beim Kueb zu Steebrécken**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE

hummel
www.lupa69.com

WILWERT
depuis 1952